



# De Platte Knuet

N°3 2017-2018



## Scoutstechniken

Poster mat Kniët



## Iddie fir de Camp

Spiller, Zelter, Kachen



## National Aktivitéiten

Formatiounen



C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



Votre **nouvelle voiture**, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté!

- Grâce aux formules 'Performance', 'Confort' et 'Sécurité', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels: rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

**easyPROTECT-Auto**, c'est votre choix de qualité! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client



**lalux for you**

sur [www.lalux.lu](http://www.lalux.lu)

**lalux - meng** Versécherung



# Respekt an Toleranz



## Léif Cheftainen a Chef, léif Guiden a Scouten,

Eng sëllechen Aktivitéiten an den éischte Méint 2018 hunn d'LGS op Trapp gehalen. Duerch eng guut Organisatioun vun deene verschiddene Responsabelen an duerch deen groussen Uklang, deen dës Aktivitéite bei iech fonnt hunn, ass et méiglech eng positiv Tëschebilanz kënnen dovunner ze zéien.

Ëmmer nees während dësen Aktivitéite stinn eis Guiden- a Scoutswäerter am Méttelpunkt. Dozou zielen ënner anerem Respekt an Toleranz. Dëst am Sënn vun eiser Natur, Ëmwelt an och zu eise Matmënschen. Leider ass et sou, datt an eiser Gesellschaft hautdesdaags a ganz enttäuschenderweis och bei den LGS d'Toleranz zu eise Matmënschen net ëmmer grouss geschriwwe gëtt. Egal wéi enger Nationalitéit, Kultur oder wéi engem Glawen een ugehéiert, duerch dës immens Diversitéit ass eis Gesellschaft sou räich an interessant. Mir wiere frou, wa jidderee vun iech dëst och sou géif ausliewen a fir eis Frënn a Matmënsche géif astoen an si sou akzeptéieren, wéi se sinn, well schliisslech wëlle mir jo och näischt aneres vun hinnen.

De Bealtaine ass och dëst Joer zur vollster Zefriddenheet vun de Visiteuren an den Organisateuren, dem Native Village, iwwert d'Bühn gaangen. Ee grouse Merci un all déi Benevole, déi während engem WE eng positiv Reklam fir d'LGS gemaach hunn. Op eng nächst Editioun an zwee Joer!

De Camp steet elo virun der Dir an d'Preparative lafe sécherlech op Héichtouren. Deemno befanne mir eis elo zum Schluss vun engem Guide/Scoutsjoer, mee mir freeën eis elo schonns drop, d'Rentrée am September virzebereeden.

Mir wënschen iech e ganz guut Geléngen, vill Freed, flott Momenter an e Rucksak voller Erfarungen, déi iech all, léif Guiden a Scouten, weider motivéieren eis Welt e bësse besser ze maachen.

## Be prepared!

**Mat beschte  
Guiden- a Scoutsgréiss,  
Anouk GALASSI, Comm. générale  
Yves „Ivo“ Marchi, Comm. général adjoint**



## Chers Cheftaines et Chefs, Chers Guides et Scouts,

Un grand nombre d'activités ont marqué l'agenda des LGS en cette première partie de 2018. Une bonne organisation mise en place par les personnes en charge des dites activités, combinée à l'enthousiasme manifesté par votre nombreuse participation, permettent de tirer un bilan intermédiaire positif.

Les principes fondamentaux du guidisme et du scoutisme, tels le respect et la tolérance, sont mis en valeur lors de nos activités. Nous sommes respectueux de la nature, et faisons preuve de tolérance vis-à-vis des croyances et convictions de nos concitoyens. Malheureusement, ceci n'est pas la règle dans la société dans laquelle nous vivons. Parfois aussi, rarement heureusement, nous devons constater un manque de respect et de tolérance parmi nos membres. La diversité de nos origines socio-culturelles et de nos croyances constituent une richesse, qui rend notre société tellement intéressante. Faisons preuve d'ouverture et d'une saine curiosité envers chaque concitoyen, et acceptons-le dans sa diversité. N'est-ce pas, en fin de compte, ce que nous espérons de lui en retour ?

Comme les éditions précédentes, le Bealtaine a connu un grand succès, ce dont témoigne le nombre important de visiteurs présents sur le site. Aux organisateurs du Native Village, ainsi qu'à tous les bénévoles engagés dans la réalisation de ce projet, nos remerciements chaleureux pour la magnifique publicité qu'ils ont faite pour les LGS. A une prochaine édition dans deux ans!

Les camps d'été approchent à grands pas, et les préparations en ce sens battent leur plein.

Nous touchons donc à la fin de l'année guide/scoute, mais nous nous réjouissons déjà pour préparer la rentrée de septembre.

Nous vous souhaitons un franc succès, de belles activités, des instants inoubliables, ainsi que des expériences enrichissantes, qui vous motiveront à persévérer dans votre action de rendre notre monde un peu meilleur.



# 8. Bealtainefestival

## 19.–20. Mee 2018



De Bealtainefestival dëst Joer an Zuelen:

....iwwert **6000 Visiteuren** während den zwee Deeg

....iwwert **1.000 Kanner** déi un Aktivitéiten deelgeholl hunn

.....4 Fierkel; 2 Schoof; 1 Ochs um Spiess; e puer Dausend Grillwurstchen; Tarte Flambéen,

Eisekuchen fir den Honger vun de Visiteuren

.... **130 Keltesch Duersteller**, déi eis Alldagsliewen vun de Kelten gewisen hunn.

.... ganz wichtig: iwwert **250 bénévol Mataarbechter** während dem Festival.

Ouni des Hëllef géif et keen Festival ginn.

Hinnen alleguer **e ganz grouse Merci!**









# En däiwlesche Weekend

Vum 21. bis den 22. Abrëll hunn 3 Wëllefchers-Ruddele vu Dikrech, Wolz a Gréiwemaacher e richteg däiwlesche Weekend an der Teufelsschlucht bei Irrel an Däitschland verbruecht. Ronn 30 Wëllefcher an hir Chef/tainen hu mat vill Spill a Spaass den Däiwel getrotzt.

## Den Däiwel ass erëm do

### Nuetsspill vum Wëllef-Weekend an der Teufelsschlucht

D' Kanner an d' Cheffe setzen ëm d'Feier an d'Cheffe kommen op d'Thema, wou den Numm Teufelsschlucht hier kënnt, a froen d'Kanner. Ee Chef sicht am Internet derno, mee hie fënnt nëmmen een Zaubersproch, deen den Däiwel anscheinend soll aus der Hell op d'Welt ruffen. Si probéieren dee Sproch aus, mee et klappt net, well si eppes vergiess hunn. Mee bei där 2. Kéier klappt et, an den Däiwel kënnt aus dem Feuer gesprongen.

Den Däiwel ass iwwerglécklech, endlech aus der Hell eraus ze sinn. Hien freet sech awer, firwat hien aus der Hell eraus ass a wien déi ganz Leit do ëm d' Feier sinn. D'Kanner stellen sech vir. Den Däiwel fänkt u seng Geschicht ze erzielen:

“Moien ech sinn den Däiwel, ech komme grad aus der Hell a sinn immens frou, datt dir mech do eraus geholl hutt ! Ech war elo ganz laang do ënnen agespaart a si frou mol erëm eppes aneres ze gesi wéi nëmme Lava, Feier a Mënschen, déi bestrooft ginn. Mee dir frot iech sécherlech, wéi ech dann



an där Hell gelant sinn? Ma et huet alles domat ugefaangen, datt ech een Engel am Himmel war an do dem Gott seng lénks Hand war. Well ech seng lénks Hand war, hunn ech mat Kollege Feeler a sengem System fonnt. Mir hunn dat genotzt, fir datt mir un d'Muecht am Himmel kommen. Gott huet dat bemierkt a mir haten dunn ee Kampf, well mir un d'Muecht wollten. Mir hu verluer a mir goufen dunn aus dem Himmel verbannt. Dëst deet mir méttlerweil schrecklech Leed. A well ech een Engel war, nennt ee mech och nach dee gefallenen Engel. Bei menge Kollegen erkennt een nach, datt si Engele ware, well si schwaarz Flilleken hunn an eng schwaarz verbrannten Haut. Ech gesinn net sou aus, well ech extra bestrooft gouf, well ech dee Kampf ugefaangen hunn. An dowéinst hunn ech eng rout Haut, déi sech uffillt, wéi wann se brenne géif. Dobäi hunn ech eng schwaarz Mähne an den Dräzack. All Pick steet fir ee schlëmme Verstouss, deen ech a mengem Liewe begaangen hunn.

Ech hunn iwwert di ganzen Zäit, wou ech an der Hell agespaart war, iwwert meng Dot nogeduecht a meng Feeler erkannt. Ech wëll vu mengem Fluch erléist ginn an aus de Feeler léieren.

Dofir brauch ech är Hëllef, jiddereen huet eng zweet Chance verdéngt. Dir musst an dësem Nuetspill zu de Scoutsgezetzer Aufgabe léisen. Eréischt da kann ech endlech d'Ritual duerchféieren duerch dat ech erëm een normale Mënsch ka ginn.“

## Dikricher Guiden a Scouten



Sonndeg den 22. Abrëll

Ganz verschlof läit de Camp Ernzen Sonndes Moies am Niwwel. D' Nuecht war kuerz an och haut sollt d' Wieder eise Frënd sinn.

Ee Chef vun Dikrech huet scho Feier gemaach, wéi ech um 7 aus dem Chalet kommen.

Um 8 gëtt et lecker Frühstück an dono solle mir Spiller maache mat der grousser Grupp. Mir hunn eis 2 Spiller iwwerleucht.

### **Schau nicht um, der Fuchs geht um**

Dat Spill ass schonn zimlech al a gëtt scho säit Joerzénge am Schoulhaff gespillt. Ech denken et misst jidderengem bekannt sinn: Et gëtt ee grouse Krees gemaach. D' Kanner kënnen stoen oder setzen. 1 Kand gëtt ausgewielt de Fuuss ze sinn a geet bause ronderëm de Krees mat engem „Säckelchen“. Dat kann all Méigleches sinn.

De Fuuss geet ronderëm de Krees a leet engem Kand säi Säckelchen hannendrun, während d' Kanner am Krees d' Aen zou maachen an d' Lidd sängen:

„Schau nicht um der Fuchs geht um, trägt sein Säcklein mit herum, weiß nicht, wem er's geben soll, tarinea, tarinea, Fuchs schau um !,“

Dat Kand mam Säckelchen, muss dann de Fuuss probéieren ze fänken, éier dee sech erëm kann op d' Plaz vum Kand stellen oder setzen. Gëtt de Fuuss gefaangen, muss en nach emol goen. Kritt en sech op dem Kand seng Plaz gestallt oder gesat, muss dat anert Kand de Fuuss sinn. Dono goug et weider mam Spill:

### **„Dampflock im Nebel“**

Dofir goufe Gruppe gebilt. Mir hu 5 Gruppe gemaach mat 7-8 Kanner, déi sech hu missen an eng Rei hannerenee stellen a sech un de Schëlleren upaken.

D' Kanner hunn all mussen d' Aen zoumaachen, ausser dat lescht Kand. Hat war de Lokféierer an huet missen den Zuch duerch Klappen op d' Schëller no riets oder lénks lenken. Mir hunn de Kanner een Terrain virgi wou se net duerften erauskommen an se duerfen net an een aneren Zuch fueren. Dann war deen Zuch aus dem Spill.

An dunn koumen déi 5 Zich a Faart an et war ee lëschtegt Spill ginn, bis nach just 1 Zuch iwwereg war.

No de Spiller sinn d' Kanner erëm an aner Gruppen opgedelt gi fir d' Atelieren.

Et si 4 Atelieren opgestallt ginn:

- Seefe maachen um Feier
- Aus Specksteen eng Figur oder eng Kette schnëtzen
- Experimenter maachen
- Ee Flooss bauen

De Kanner hunn d' Atelieren all vill Spaass gemaach an vill ze schnell war et scho Mëtteg an Zäit fir z'iessen. Puer Cheffen hunn eis lecker Wëlburger um Grill gemaach.

No engem klenge schnelle Bilan, well d' Zäit eis fortgelaf ass, koume schonn déi éischt Elteren d' Kanner sichen an et war Zäit fir anzepaken an erëm heem ze fueren.

Et war ee super an onvergiesslech schéine Scoutsweekend an der Teufelsschlucht an d'Zesummenaarbecht téschent de Gruppen an dem Marlen hätt besser net kéinte sinn. Merci!

### **Isabelle a Lynn vun den Weeltzer Scouten St. Sébastien**





# E Weekend um Bauerenhaff

\* \* \* ..... \* \* \*

Geschwënn ass et nees souwäit, an d' Summercamps fänken nees uechtert d' Land un. An engem kuerzen Artikel presentéiere mir iech dofir eng flott Alternative zum normale Camp.

Am Fréijoer hunn déi Leidelenger Biber a Wëllefcher e Weekend um Bauerenhaff verbruecht. Dëst war mol eppes ganz anescht wéi déi normal Scoutsweekender. Mir konnte mat den Hénger, de Kanéngercher, de Schof, de Schwäin an de Ponye spillen. Duerno hu mir gehollef d'Kéi vun der Weed ze dreiwen a se ze strächen. Mir hunn d'Källefcher gefiddert a natierlech konnte mir och déi frësch Mëllech schmaachen...déi war mega lecker! Moies hu mir gehollef déi vill Ställ ze mëschten... dat ass vill Aarbecht! Den Héichpunkt war, dass mir an der Scheier am Hee geschlof hunn. Dat war spannend! Dëse Weekend war super flott, mir wäerten déi vill Eerliefnisser soubal net vergiessen!

**Mir soen och der Famill Van Dyck vu Leideleng e grouse Merci!**







# Däi Baurenhaff

Pech

kleng Klameren

faarweg Pabeier

Schéier

Toilette-Rouleauen

Pinsel

Faarf

Knäpp



\* \* \* ..... \* \* \*



# Mir ginn eraus!

Hei proposéiere mir dir verschidden Aktivitéiten,  
déi s du eleng oder mat dengem Ruddel dobausse maache kanns!



**Zutate fir de Pizzateeg fir 12 Portiounen:**

- 500 g Miel
- 250 ml Waasser
- 1 Wierfel Hief (oder 1 Pak Trockenhefe)
- Bësse Salz

**Zutate fir de Pesto:**

- 90 g Basilikum an/oder Péiterséileg oder aner Kraider
- 60 g Nëss/Kären (z.B. Walnëss, Sonneblumme-kären, ...)
- 120 ml Ueleg (Oliven- oder Rapsueleg)
- Salz a Pfeffer
- 350 g Mozzarella

**Preparéier den Deeg aus folgenden Zutaten:**  
Miel, Waasser, Hief, Salz

Dann hues du +/- 30 Minutte Paus, fir dass den Deeg kann opgoen an de Pesto ze maachen.

Fir de Pesto muss du d’Kraider ganz kleng schneiden (entweder mat engem Messer oder du méchs se all an e Becher a schneits se mat enger Schéier). D’ Nëss muss du (z.B. mat engem Mörser) muelen. Dann kanns du den Ueleg dobäi maachen an alles mat Salz a Pfeffer ofschmaachen. Natierlech kanns du och alles mat engem Püréierstaf zerklengeren a mixen.

Wann den Deeg gutt opgaangen ass, huel e kleng Grapp voll Deeg an form dir eng kleng Pizza. Lee op déi eng Halschent vun der Pizza e bësse Mozzarella an e bësse Pesto a klapp dann d’Pizza zesummen.

Lo kanns du d’ Pizza op de Grill leeën.

1-2 mol gedréit a schonn ass se prett fir giess ze ginn.





#### Material:

- e Bengel (am beschten aus Weedenholz), dee sou déck wéi e Fanger ass, an ongeféier sou laang wéi eng Hand
- eng Béchs (z.B. wou Ravioli dra waren)
- Sand
- eng Grillzaang
- e Feier

1. Sich dir e Bengel aus Weedenholz; et ass wichteg, dass de Bengel méi kleng ass wéi deng Béchs héich ass.
2. Fëll d' Béchs mat Sand a stiech de Bengel do dran (Du kanns och puer Bengele mateneen an de Sand stiechen).
3. Lee dës Béchs mat de Bengelen an d' Feier a waart eng Stonn.
4. Looss de Sand ofkillen a kuck ob deng Stëfter prett si fir ze molen.
5. Wann se net ganz verkuelt sinn, muss du se nach emol zeréck an d' Feier setzen. Wann s du wëlls kanns du duerno deng Stëfter ausprobieren 😊



Och e Wëllefche ka scho schnëtzen! Du solls just op puer Reegelen oppassen!

1. „Schnitzen im Sitzen“! Setz dech fir ze schnëtzen (am beschten op eng Plaz wou et roueg ass, fir dass du net ze vill ofgelenkt gëss)
2. Schnëtzt vum Kierper ewech! D'Messer soll ni op däi Kierper duerkommen.
3. Huel besser e gutt Messer wéi e raschteg oder stompegt. Mat deene raschtegen oder stompege kanns du dir vill méi wéi doen, wéi mat engem anstännegen.
4. Soubal s du fäerdeg bass mat Schnëtzen, klapps du däi Messer zou a raums et ewech.






# Koordinaten



Am Summer um Camp gees du bestëmmt op den Hike. Dir hutt bestëmmt an ärer Versammlung eemol iwwert d'Koordinate geschwat. Villäicht weess du net méi genau, wéi et geet. Dofir hei eng kleng Erënnung.

1

- Wat brauch een:
- Eng Kaart (mir hunn hei eng mam Moosstaf 1:20:000)
- Ee Réimer, dee bei d'Kaart mat deem Moosstaf passt
- Fir d'éischt brauche mir eis Koordinaten an de Réimer. An dësem Fall ass d'Koordinat 066 075 /074 045




2

Da musse mir eise Réimer opleeën . Dofir brauche mir d' Zifferen, déi um Rand vun der Kaart stinn. Bei eiser Koordinat 066 075 /074 045 sinn déi 2 giel Zuele wichteg.

Een Zitat wat ee muss verhalen ass dat folgend:  
Ech ginn als éischt bei de Bam an dann op de Bam!

Wann ech dann déi 2 éischt Deeler vun der Koordinat op der Kaart fonnt hunn, verbannen ech déi mateneen a fannen ee klengt Kräiz, wou ech mäi Réimer kann opleeën.



3

De Réimer gött mam ënneschten lénksen Eck op dat richtegt Kräiz op geluecht an dann kann een den 2. Deel vun der Koordinat sichen: 066 075 /074 045

Och hei gëllt erëm, mir ginn als éischt bei de Bam an dann op de Bam.

D.h. mir sichen als éischt déi Koordinat ënnen um Réimer, dat wier dann 075.

Duerno dann déi vertikal Koordinat 045.

A mir verbannen déi 2 fir dann eise gesichte Punkt ze fannen.





# Kraiderbotter



Hei eng Flott Iddi fir an enger Versammlung, engem Weekend oder engem Camp auszuprobéieren.



1. Fräsch Kraider siche goen an gutt wäschen.



2. D'Kraider ganz kleng schneiden.
3. D'Ram an d'Dëppche fëllen. D'Glas nëmmen hallef voll maachen.
4. Salz a Pfeffer an d'Ram maachen
5. D'Kraider an d'Glas derbäi maachen.



6. Dann d'Glas gutt fest zou maachen.
7. Lo muss dat Gantz gerëselt ginn. An zwar vill! Dobäi kann een sech of wiesselen, soss dinn d'Äerm duerno wéi
8. Als éischt mierkt een, dass d'Ram net méi richtig flësseg ass. Se fänkt un eng fest Konsistenz ze kréien.
9. Et muss een dann nach ëmmer weider rëselen, well no a no gëtt dat Gantz ëmmer méi fest an et erkennt een, dass an der Mëtt vum Glas ee Kloppe läit, deen an der Mëllech schwëmmt.
10. D'Mëllech kann een ofschëdden an dann huet ee just nach de Kraider botter am Glas. Deen kann een dann an de Frigo stellen.

Wat brauch een:

- ♥ Ram
- ♥ Salz
- ♥ Pfeffer
- ♥ fräsch Kraider
- ♥ ee Glas mat engem Deckel, deen ee kann drop schrauwen (zB ee Gebeessglas)
- ♥ e Messer




- 1 Maggi-Kraut (Liebstöckel)
- 2 Oregano
- 3 Thymian
- 4 Péiterséileg
- 5 Bratzlen



**Gudden Appetit  
a vill Spaass beim Ausprobéieren!**



# Crashcours Zelter



D'Campzäit réckelt ëmmer méi no a wéi üblech sinn d'Zelter nach net prett. Dat Beschtt ass emol an den Zeltkeller kucken ze goen. Do ukomm, ass een oft séier iwverfuerdert. Et gi verschidden Zorte vun Zelter, an och nach verschidde Piquete fir dobäi. Dofir hei ee klenge Crashcours an Zelter, wat et esou gëtt a wéi een am beschten drop oppasst. Nach ee klengen Tipp am Viraus: riicht är Zelter eng Kéier virum Camp doheem op, dat hëlleft um Camp méi séier ze sinn, an dir wësst och dat der komplett a ganz Zelter dobäi hutt;)

## Wéi eng Zelter gi bei eis am meeschte benotzt?

Igluzelter (1): Ginn mat op Hike geholl well se licht sinn, an net vill Platz ewechhuelen, leider ass oft nëmme Platz fir 2-3 Léit dran.



Patrullenzelt (2): Gëtt benotzt fir zu méi Léit (bis zu 12) beieneen dran ze schlofen, gëtt och munchmol als Materialstock benotzt.



lesszelt (3): Dat ass normalerweis ee méi groussen Iwwerdaach, wann ee keen huet, kann een sech och mat enger Plastikbaatsch hëllef.



Kichenzelt (4): Ass ee méi alen Iwwerdaach wou et net sou schlëmm ass wann se duerno no Feier richt oder Brandlächer dra sinn.



“Schwaarz Zelter” (5): Si bei eisen däitsche Scouts-nopere ganz beléift, an an dëse kann eng ganz Grupp Plaz dran hunn, et gëtt benotzt als Schlof-, Kach-, Openthalts-, an lesszelt.





## Op wat ass opzepasse beim Opbau vum Zelt?

- D'Plaz, wou een säin Zelt well opriichten, soll propper a fräi vu Steng, Geäschts oder anere spatze Géigestänn sinn.
- D'Plaz soll net ze vill am Hiwwel leien.
- Oppassen dat néirens een Nascht mat Insekten ass.
- D'Zelt esou dréinen, datt et net direkt era reent, oder Waasser duerchlafe kann.



## Wat maachen, wa schlecht Wiederer kënn?

- Agäng fest zoumaachen.
- Piquete kontrolléieren; ob déi nach richtig dra sinn.
- Spaner nozéien.
- Wann ganz vill Reen gemellt ass, ee Gruef ëm d'Zelt zéien.
- Et soll ee vermeide bei Reen un d'Zeltplan ze kommen, well déi dann op där Plaz ondicht gëtt.



## Wat maache mam Zelt nom Camp?



- Wann et beim Araumen um Camp reent, mussen d' Zelter nach eemol doheem ausgepaakt ginn, fir datt näischt muuschteg gëtt a faule kann.
- Een Zelt ëmmer dréchen apaken.
- Meeschtens geet et duer, wann een d'Zelt einfach mat enger mëller Biischt ofmécht, bei méi staarkem Dreck kann een och mat klorem Waasser nohëllefen, dobäi awer ni staark Botzproduite benotzen.
- Ëmmer d' Piquete richtig propper maachen.
- Et schued och net, wann een d'Zelt munchmol imprägnéiert.
- D'Zelter solle propper ageraumt an dréche gela-gert ginn.

Wann dir iech un dëse klengen Tipps orientéiert, bleift dir an ären Zelter méi laang dréchen an dir hutt nach laang vill Freed mat ären Zelter. Op datt een nach vill weider flott Momenter op Campen am Zelt erliewe kann.

**Lénks Patt,  
Deng CaraPio Ekipp**



# Achterknuet





Lara an Daniel, CaraPio Jonglënster





# Gréng Säiten



## Naturpädagogesch Spiller

Déi meescht vun eise Summercampe sinn zum groussen Deel dobaussen an der Natur; mir schlofe mat de Kanner am Zelt, kachen um oppene Feier,...

Och vill vun eisen Aktivitéite sinn dobaussen, resp. mir schaffe vill mat Naturmaterialien.

Hei zwou flott Aktivitéite, woubäi mat Naturmaterialie geschafft gëtt.

### Mandala; Bamgesiichter; .... aus Naturmaterialien

Gitt mat äre Kanner an de Bësch a sammelt verschidden Naturmaterialien, wéi verschidden Zorte vu Steng (och verschidde Faarwen), Lehm, Mooss (op e puer Plaze sichen), Blieder, Bengelen,.... **WICHTEG:** Mir huelen nëmme Materialien, déi mir um Buedem fannen a ginn net Planzen erausrappen oder Blieder vun de Beem erofrappen. Elo kënnen d' Kanner hiner Phantasie fräie Laf loossen a kënnen flott Skulpturen, Mandalaen oder Bamgesiichter erschafen.

## Keelebunn aus Naturmaterialien

Mëttlerweil ass eng Keelebunn aus Naturmaterialien e Klassiker bei naturpädagogeschen Aktivitéiten. D' Kanner ginn a kleng Equippe vu 4 – 6 Leit opgedeelt. Elo kréien si genuch Zäit (roueg iwwert 30 Minuten) fir aus Naturmaterialien eng Keelebunn ze bauen. D' Zil ass et, dass eng Kugel (Holzkugel, Petanquekugel,...) vun engem Startpunkt iwwert eng Bunn an d' Zil (Bsp: eng kleng Hütt aus Bengelen) rullt, ouni dass d' Kugel aus der Bunn erausspréngt.

Fir des Aktivitéit brauchst dir awer e klengen Hiwwel, Bierg am Bësch a vill Holz (doudegt Holz um Buedem).

D' Kanner kënnen awer och nach zousätzlech den Optrag kréie verschidden Hindernisser an hir Keelebunn anzubauen, wéi eng Riets/Lénkskéier; Bréck; Wipp; Tunnel; ....

Eng Keelebunn ass eng flott, spannend, kreativ an teamfërdernd Aktivitéit vu Biber bis Cheffen.

### Vill Spaass dobäi!





## Rezepte fir d'Campkichen

Hei fannt dir e puer nei Rezepten fir är Campkichen.

Lech alleguer e schéine Summercamp a vill Spaass beim Kachen um Feier.

### Frühstück: Hafer-Crunchy, Wildnis-Crunchy

250 g Haferflocken oder 250 g div. Nüsse, 200 -250 g Akazienhonig

Haferflocken oder gehackte Nüsse in der Pfanne rösten. Den Honig langsam in der Pfanne erhitzen und sobald er schäumt und Blasen wirft, gibt man die Flocken/Nüsse dazu und köchelt alles unter Rühren so langsam weiter, bis der Honig karamellisiert.

Die Masse auf Backpapier oder in einen gefetteten Topfdeckel geben und abkühlen lassen. In Stücke brechen und servieren.



### Brot im Blumentopf

Eine Brotbackmischung nach den Packungsangaben zubereiten, wenn der Teig noch an den Fingern klebt, noch etwas Mehl hinzufügen. 1 kg reicht für ca. 10 Portionen.

Die Blumentöpfe mit flüssiger Butter ausstreichen und mit Körnern bestreuen. Die Töpfe zur Hälfte mit Teig füllen und bei ca. 200° 25 min backen.

### Schneller Braten

Olivenöl in den Dutch Oven geben, darauf den gesalzenen und gepfefferten Braten geben und mit den Speckscheiben belegen. Zwiebel und eine Tasse Wasser dazu geben. Mit reichlich Oberhitze braten, für das erste Kilo 2 Stunden, für jedes weitere eine Stunde länger. Bei Bedarf Wasser nachgießen, damit der Braten nicht anbrennt.





Gutt ënnerwee !





Informatioun a Reservatioun  
**Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locatiounen**  
☎ (+352) 26 65 11  
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)  
[www.sales-lentz.lu](http://www.sales-lentz.lu)



**Sales-Lentz**  
*moving people*



# Balancier-Spill



## Regelen (DYS)

**Zuel vun de Spiller:** 2 oder méi geet och mat Mannschaften.

**Zill vum Spill:** Géigestänn op d'Plack ze leeën, ouni datt si eroffalen

**Enn vum Spill:** d'Plack kippt an d'Saachen falen erof.

**Gewënner:** d'Persoun oder Mannschaft, déi de leschte Géigestand dropgeluecht huet, esou datt d'Saachen net eroffall sinn.

**Variant:** Punkte sammelen

Dir kënnt all Géigestand Punkte ginn. De leschte Géigestand, deen eroffällt, gëtt net gezielt, déi aner ginn zesummegerechent. Deen, deen déi meescht Punkten huet, huet gewonnen.



Aktivitéite fir Schoukllassen, Kanner & Jugendlecher

Interaktiv Expo iwwer Natur & Biodiversitéit,  
Visites guidées (dobannen & dobaussen),  
Gebuertsdeeg

5, Bréicherwee | L-5441 Remerschen | +352 23 60 90 61 | [biodiversum@anf.etat.lu](mailto:biodiversum@anf.etat.lu)  
[www.biodiversum.lu](http://www.biodiversum.lu)



DËN-SON  
10 - 18 (ABR - OKT)  
10 - 17 (NOV - MRZ)

GRATIS ENTRÉE





Dëst Joer war de Wellefchersrallye zu Suessem, a gouf vun hinnen, zesumme mam Belair organiséiert. Ronn 500 Kanner sinn dohinner komm, fir dem Zauberer seng Show ze kucken. Leider war do eng schif gaangen, a si sinn am Mëttelalter gelant! Do hu se enger Hex misen hëllef Schlësselstécker bei puer flotten Aktivitéiten ze sammelen, fir Owe erëm zréck an hier Welt kënnen ze kommen.

Dat beléifstent Spill war hei ganz kloer dat vum Ritter, wou si hunn dierfen op hire Päerd (de Cheffen) hier Schwäertkënscht ënner Beweis stellen.

De Gewënner vun dësem flotte Rallye war schlussendlech Stengefort.







# Wëllefchers-Naturdag 2018

Den 2. Juni 2018 hunn d'Wëllefcher hiren 3. Naturdag zu Luerenzweiler am Besch organiséiert. Ronderem d'Steenzäithaus si verschidden Atelierer ugebuede ginn:

- less- a Schmaacheck
- Abenteuer Eck
- rouegen Eck
- kreativen Eck
- Bulli-Buddel-Baueck!

140 Wëllefcher aus de Ruddele vu Biekerech, Ettelbréck, Luerenzweiler, Réiser, Dikkrich, Lampertsberg, Arche de Noé, Grousbous, Walfer, Cents, Wolz an Housen/Houschent hunn an deene verschiddenen Ecken ausze- probéieren op wat si Loscht haten!

Wann des Biller der Loscht drop maachen, da komm d'nächst Joer och mat dengem Ruddel.







110 AVEX an hir Chef/tainen hunn sech e Samstag den 2. Juni 2018 zu Beggen am Echerfeld afontt, fir um alljährleschem Absurd-cup deelzehuelen.

Bei guddem Wieder an Absurden Spiller, wéi BigBac-Hopsen, Téisäckelcher-Wäitwurf, Pneuenschaukel a villes méi, hu sech d'AVEX mat vill Asatz a Fred der Erausfuerderungen gestallt, esou datt mir och nees dëst Joer ee Gewënner hunn: op der 3. Plaz hu mir Grupp aus dem Réiserbann, op der 2. Plaz hu mir de Centser Grupp an der 1. Plaz an domadder de Gewënner 2018 ass Miersch.

D'Avex-Ekipp wollt dem Beggener Grupp nach emol Merci soen, fir hire Cathering an déi gutt Zesummenaarbecht, fir dastt dësen Absurd-cup erëm ee ganzen Erfolg ginn ass.

Mir freeën lech nächst Joer zu Réiser Begrëissen ze kënnen.







## JoCaPi 2018 zu Nidderaanwen

Wéini: 25ten Mäerz 2018  
 Thema: Dark Wonderland  
 Wien: 235 CaraPio mat Chef aus dem ganze Land  
 Fazit: De Gréngewald ass 13 kg Dreck méi propper  
 Gewënner: D'Ekipp 2 vum Mierscher Grupp







ONGD GUIDEN A SCOUTEN  
**FIR ENG WELT**  30

D'ONGD "Guiden a Scouten fir ENG Welt" war déi läscht Méint ganz aktiv.

Mir sinn op Visitte bei ons Partner an de Senegal an an de Niger gaangen.

Dann hu mir matgeholfen um PS Weekend zu Klierf, um Kanudag, bei der Wëllefchersandacht a waren mat engem Stand um Bealtaine.

Ier et elo an d'Summervakanz geet, animéieren mir nach e Stand um "Scouts welcome Refugees" Dag, den 01. Juli 2018 um Cents, zesumme mat de Guiden a Scouten vun der FNEL.

Et goufen also e puer flott Geleeënheete fir ons ze begéinen, zesummen eppes ze erliewen, ons auszetauschen an ons e Stéck méi no ze kommen.

Zéckt net iech och weider bei ons ze melle fir Informatiounen iwwert ons Aarbecht, fir Iddien an Hëllef fir Spiller an Aktivitéiten zum Thema ONGD ze kréien.

Mir freeën ons op eng gutt Zesummenaarbecht.

Mir wënschen iech all flott Summercampenger, eng flott Vakanz a freeën ons fir iech spëtstens am September um Chefdag erëm ze gesinn.

**Anne BOTZEM - tel. 26 94 84 23 oder [anne.botzem@ongd-lgs.lu](mailto:anne.botzem@ongd-lgs.lu)**







## Biber- a Wellefchers-Andacht

Hues du villäicht scho gemierkt, dass du och Noperen hues, déi et gutt mat dir mengen, an de Kontakt mat dir sichen?

Maach emol deng Aen op, an da mierks de dass vill Mënsche schwéier schaffe mussen, an se hunn emol net den 10ten Deel vun deem wat s du hues.

Bass du da blann, fir déi Mënschen deenen et net gutt geet, an deene s du villäicht eng Freed kéints maachen? Free dech dach emol iwwert Klenggekeiten an denk net nëmmen un dech selwer.



## Sprangprëssessioun

Den Dag vun der Sprangprëssessioun emol anescht.

Wanderung als Astëmmung an den Dag.

Éischt Begéinung beim Kaffi.

80 Sprénger a 16 Musikante waren dobäi.

Relax Stëmmung beim Grill.







## Kanudag

Den 3. Mäerz war um Neihaischen de "Kanudag", deen zur Formation Continue vun de Cheftainen a Chef gehéiert. Hei goufen eng Rëtsch ofwiesslungsräich an interessant Atelierer ugebueden, mat Theme wéi: Reeperbahn, Migratioun, Mr Science Jr, Kräider, Wibbeleg Kanner, Krankheeten um Camp.



## PS-Formatiounen

PS – Formatioun um Neihaischen, zu Klierf, zu Èlwen an zu Orval

83 Kandidaten aus alle Branchen hunn un der PS-Formatioun deelgeholl.

An enger relaxer Atmosphère sinn si sech selwer e Stéck méi no komm an hunn sech mat hirem Engagement ausernee gesat.







An der Päschtvakanz war de „STAP“ zu Bilschdref. Dëst ass de Formatiounscamp vum 2. Zyklus bei den LGS. Während aacht Deeg hunn hei 40 zukünfteg Branchechef geléiert eng Unitéit an eng Chefekipp leeden an e Camp organiséieren ; dat souwuel an der Theorie wéi och an der Praxis. Bei engem groussen Rollspill mam Titel „Mord u Bord“ goufen de Mörder vum Kapitän Bob Bayard gesicht a sou munch Intrige gesponnen.





# Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur [www.bil.com](http://www.bil.com) ou en agence.

Retrouve-nous sur



Cette offre est soumise à conditions.  
Renseignements sur [www.bil.com](http://www.bil.com) ou en agence.

**Vous avant tout**



BANQUE  
INTERNATIONALE  
À LUXEMBOURG

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 [www.bil.com](http://www.bil.com)



# AGORA



## Eng Méiglechkeet fir deng Meenung ze äusseren

Den Agora ass en europäesche Scoutsforum, dee vu Rover fir Rover organiséiert gëtt. Dëst Joer war en zu Dublin (Irland). D' Zil hannendrun ass et de jonke Rover während 5 Deeg Formationen zu verschiddenen Themen, bezéiungswies Problemer, déi een an den europäesche Scoutsverbänn fënnt, ze ginn. Wéi zum Beispill "Sozialen Impakt", "Zäitmangel" oder "Jugendbevollmächtigung". Bei all Agora gëtt et en aner Haaptthema. Dëst Joer ass et ëm "Take Action" gaangen, also wéi een eng gutt Solutioun fir en Problem fanne kann, andeems een direkt probéiert eppes dofir ze maachen an net dorop waart, dass déi aner Leit sech dorëms këmmere.




De Forum gëtt a verschidde Sessiounen agedeelt, normalerweis 2 bis 3 pro Dag, an deenen een déi verschidden Themen an Problemer a klengen Ekippe beschwätzt. Schlussendlech mécht all Ekippe eng Presentatioun vun hirer Aarbecht. Mee keng Suergen, et gi méi wei genuch Pausen a Fräizäitaktivitéiten, wou een Zäit huet, fir méi iwwert déi aner Länner gewuer ze ginn an aner Leit kenneléiere kann. Am groussen Ganzen ass den Agora en Event, dat engem Rover d' Chance gëtt fir seng Meenung auszudrécken. Ausserdeem gëtt och een internationalen Austausch vun Iddien a Kenntniss erméiglecht. Et léiert ee vill vun der Kultur vun anere Länner kennen an dohanne fënnt een och vill néi Frënn fir d' Liewen. Also an esou engem Forum soll een net schei sinn, mee et soll een dynamesch, oppen an ëmmer mat voller Energie, Motivatioun a guddem Wëllen an all Sessioun dobäi sinn. Schlussendlech kann ech nëmmen sou een Event recommandéieren, well et gëtt ons eng enorm Hëllef fir eist Liewen an et erlaabt ons onvergesslech Momenter ze hunn, un déi een sech ëmmer erënnere wäert.

Tiago Alves, LGS Saint Alphonse

# World Thinking Day

Mir wollten all Participant MERCI soen fir dee schéinen Thinking Day deen mir den 24.02.2018 haten. Trotz Keelt haten mer immens vill Spaass. RDV d' nächst Joer fir den Dag nees grouss ze féieren! #WTD2018



## D'international Ekipp sicht

**Opruff fir CMT**

**European Jamboree 2020**

**Gdansk – Poland**

**27.07 – 06.08.2020**



**Opruff fir Volontairen**

**CubNET & ScoutNET 2018**

**Luxembourg**

**30.11 – 02.12.2018**

**Umellen op [ic@lgs.lu](mailto:ic@lgs.lu)**

**Méi Infoen op [international.lgs.lu](http://international.lgs.lu)**



## De Shop

Verkaf vun LGS Artikelen bei „LESSURE Workwear“ zu den normalen Geschäftszäiten.

Adresse:

1, Rue Jean Origer  
L-2269 Luxembourg  
Tél: +352 48 86 18

**LESSURE**  
WORKWEAR



## Buch-Tipp



Wéi dir villäicht scho matkritt hutt, huet d'Naturverwaltung an Zesummenaarbecht mat natur&ëmwelt e Buch rausbruecht speziell iwwert d'Mamendéiere vun Lëtzebuerg.

Ech denken, datt dat Buch och fir d'Scoute ganz interessant ass, fir eppes iwwert Déieren an eise Bëscher ze léieren. Mir wäerten et op allefall fir eise Grupp kafen.

**Lucy Leer, Frère Roger Beefort**

## Fotografie gesicht

Motivéiert, engagéiert a begaabt mat der Kamera? Du gees gärén op Eventer vun den LGS-Gruppen a léiss däi Fotoapparat fir dech schwätzen? Wann dëst op dech zoutreff, bass du déi Persoun, déi mir sichen. Mell dech als LGS-Fotograf enner

[pr\\_ekipp@lgs.lu](mailto:pr_ekipp@lgs.lu)

Mir freeën eis op Dech!



## Save the date!

23  
2018  
JUL

Roverway  
Netherlads

01  
2018  
AUG

Scout Scarf Day  
Worldwide

13  
2018  
AUG

Camp Senegal  
30 Joer ONGD

19  
2018  
SEP

Verbandskongress  
zu Réimech

23  
2018  
SEP

Chefdag  
Réimech

29  
2018  
SEP

10 Joer Nativ Village  
Neihaischen

19  
2018  
OKT

Jota-Joti

03  
2018  
NOV

Wëldiessen  
Neihaischen

30  
2018  
NOV

CubNet&ScoutNet  
inetnational.lgs.lu



## Impressum

LGS Zeitung- N°3, 2017/2018  
Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten, kënnt 3 mol am Joer eraus.  
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :

Zeitungsekipp, Branchenekippen,  
d'Team, Verbandssekretariat&Safab,  
PR-Ekipp, lokal Gruppen

**Fotoren :** LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp,  
Charel Dostert, Christophe Hubert,  
Klood Pirsch

**Editeur :**  
Lëtzebuurger Guiden a Scouten  
5, rue Munchen-Tesch  
L-2173 Luxembourg

**www.lgs.lu**

**Contact :** platteknuet@lgs.lu

**Dréckerei :**

Print Solutions

Gedréckt op 100% recycléierte Pabeier  
Oplo : 4500 Stéck

*E grouse Merci, deenen, déi zu dësem  
Platte Knuet bäigedroen hunn !*

Exp.: Lëtzebuurger Guiden a

Luxembourg  
Port payé  
P/S.400

[www.lgs.lu](http://www.lgs.lu)